

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Säit dem Ufank vun der COVID-Situatioun gëtt ëmmer rëm d'Fro vun der Iwwerlaaschtung vum Gesondheitswiesen diskutéiert, souwuel am Hibleck op déi materiell Ressourcen, zum Beispill d'Zuel vun den Intensivbetten, wéi och d'Aarbechtsbelaaschtung vum Personal. Des Weidere féiert d'Fro vun engem allgemenge COVID-Check op der Aarbechtsplaz, dee vum 15. Januar un obligatoresch gëtt, säit Wochen zu staarke, gesellschaftleche Kontroversen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës dréngend Fro stellen:

- 1) Leien der Madamm Minister Zuele vir, wéi vill Leit déi am Gesondheits- a Fleegeberäich schaffen, d'Konditiounen vum 2G aktuell net erfëllen? Wa jo, kann d'Madamm Minister dës Zuele matdeelen an zugläich preziséieren op wéi enger Aarbechts- an Dateschutzrechtlecher Grondlag an zu wéi engem Zweck se ursprénglech erhuewe goufen?
- 2) Geet d'Madamm Minister net dovun aus, datt d'Aféierung vun engem allgemenge COVID-Check op der Aarbechtsplaz déi zäitlech a psychesch Stressbelaaschtung vum Gesondheits- a Fleegepersonal zousätzlech erhéijen an am uewe genannte Sënn en Däiwelskrees bei der Iwwerlaaschtung vun de medezinesche Versuerungsstrukturen erzeege wäert? Wéi begrënnt si hir Positioun?
- 3) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi eng ënnerschiddlech Zenarien am Sënn vun der Fro virdu gepréift a wéi eng Conclusiounen zeréckbehale goufen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5405 vum 17. Dezember 2021 vum honorabelen Députéierten Här Jeff Engelen.**

1. Leien der Madamm Minister Zuele vir, wéi vill Leit déi am Gesondheets- a Fleegeberäich schaffen, d'Konditiounen vum 2G aktuell net erfëllen? Wa jo, kann d'Madamm Minister dës Zuele matdeelen an zouglaich preziséieren op wéi enger Aarbechts- an Dateschutzrechtlecher Grondlag an zu wéi engem Zweck se ursprénglech erhuewe goufen?

Och wann een sech op pseudonymiséiert Donnéeën baséiert ass et net méiglech mat Sécherheet ze wëssen wat fir eng Persoun a wat fir enger Institutioun (Spidol, Maison de soins, CIPA, réseau d'aide et de soins ... etc.) intervenéiert well an dësem Secteur och eng Rei Leit am Statut vum Indépendant schaffen, respektiv als Sous-traitant Prestatiounen liwweren. En plus, ass et e Sektor wou traditionell vill Frontalieren schaffen, déi eventuell an hirem Land geimpft respektiv op Covid positiv getest goufen. Dës Informatiounen sinn net systematesch bei eis disponibel sou datt den Gesondheetsministère keng Chifferen doriwwer huet wéi vill Leit déi am Gesondheets- a Fleegeberäich schaffen an d'Konditiounen vum 2G aktuell net erfëllen.

2. Geet d'Madamm Minister net dovun aus, datt d' Aféierung vun engem allgemenge COVID-Check op der Aarbechtsplaz déi zäitlech a psychesch Stressbelaaschtung vum Gesondheets- a Fleegepersonal zousätzlech erhéijen an am uewe genannte Sënn en Däiwelskrees bei der Iwwerlaaschtung vun de medezinesche Versuerungsstrukturen erzeege wäert? Wéi begrënnt si hir Positioun?

3. Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi eng ënnerschiddlech Zenarien am Sënn vun der Fro virdu gepréift a wéi eng Conclusiounen zeréckbehalen goufen?

D' Aféierung vun engem allgemenge COVID-Check op der Aarbechtsplaz ass fir Gesondheets- a Fleegepersonal an deem Sënn net nei vu datt sie schonn säit dem Covidgesetz vum 12. Juni 2021 der Konditioun en Impfcertificat, Genesungscertificat oder Testcertificat virzeweisen fir schaffen ze kënnen ënnerleien. Allerdéngs kënnen d' Spideeler an d' Fleegestrukturen, op Grond vum Artikel 3 vum Covidgesetz, hierem Gesondheets- an d' Fleegepersonal nach zousätzlech d' Méiglechkeet vun engem Schnelltest sur place ubidden. Dëst erlaabt et dem Personal dat, wéi den honorabelen Deputéierten et mentionéiert, enger zäitlecher an psychescher Stressbelaaschtung ënnerläit och, en Absence vun engem certifiéierten Test, op d' Méiglechkeet vun engem Schnelltest sur place zeréckzegräifen an soumat schnell seng Aarbecht untrieden kënnen. Doriwwer eraus handelt et sech jo hei em geschoulte Personal wat den Schnelltest sur place duerchféiert, wat nach eemol eng zousätzlech Sécherheet gëtt datt den Schnelltest korrekt duerchgefouert ass.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert